



Här Fernand Etgen  
Chamberpresident

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, géif ech Iech bidden, folgend **dringend parlamentaresch Fro** un den Här Energieminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.


RTL méllt geschter Owend, dass den **Diesel** ëm Hallefnuecht ëm **plus 6,8 Cent de Liter** an de **Bensinn** ëm **plus 5,3 Cent de Liter** an d'Luucht ginn. Donieft geet och de Brennes ëm 1,2 Cent an d'Luucht.

Dobäi haten d'Ministere Gramegna, Turmes an Kersch nach am Dezember 2019 op eng Hausse vun den Akzisen vu bis zu 5 Cent um Liter Diesel a vu bis zu 3 Cent um Bensinn/Liter tëscht Februar an Abrëll 2020 verweisen.

Duerfir wéilte mir folgend Froen un d'Häre Ministere stellen:

- Wéi schlësselt sech dës Hausse genee op (Produktiouns-, Transport-, Verkafskäschten etc.) ?
- Gedenkt d'Regierung, trotz dëser substantieller Hausse vun de Pëtrolspräisser op Hallefnuecht a méigleche weideren Haussen am Zesammenhang mat der Iran-USA-Kris, un der annoncierter Hausse vun den Akzisen vun 3 bis 5 Cent de Liter tëscht Februar an Abrëll 2020 festzhalen?
- Ass d'Regierung net vill méi der Meenung e Moratoire betreffend den Akzisenhausse vu Februar-Abrëll 2020 ze beschléissen?
- Wann net, missten hei net direkt sozial Ausgläichsmoosname getraff ginn? Wa jo, wéi sollten dës Moosnamen ausgesinn?
- Wëll d'Regierung des Weideren, wéi an eiser Motioun vun Dezember gefuerdert, d'Deierungszoulag no uewen upassen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'R' followed by a 'G' and a vertical line.

Gilles Roth  
Deputéierten